



Elterevereenegung Rénert Bech/Manternach
Association des parents d'élèves

SYNECOSPORT

Monsieur Camille Kohn
President

1, Enneschtgaass
L-6230 Bech

Berbuerg, de 4. Abrëll 2017

Sujet : Parkingsituatioun bei der Grondschoul Rénert

Här President,

Als alleréischt géife mer lech gären villmools Merci soen, dass der eiser Invitatioun fir un eiser leschter Comitésversammlung vum 7. Mäerz deelzehuelen nokomm sidd. Den Zweck vun eiser Invitatioun wor deen, dass mer gären eemol eng Kéier konkret Informatiounen doriwwer kritt hätten, wéi et an Zukunft mat der Parksituatioun bei der Grondschoul weidergeet.

Wéi der lech bestëmmt erënnert, hu mer deemools, wou mer als Elterevereenegung d'Konzept an d'Pläng vum neie Schoulgebai virgestallt kruten, och déi aktuell Parksituatioun ugeschwat an d'Problemer, déi et deeglech elo scho gin. Weiderhin hu mer deemols och drop higewisen, dass et ubruecht wier am Kontext vum Bäu vun deem neie Schoulgebai déi gesamt Situatioun ze iwwerdenke fir d'Sécherheet vun eise Kanner erop ze setzen. Deemools ass eis gesot ginn, dass entspreichend Konzepter fir de Parking an de Busaccès wäerten ausgeschafft ginn déi eis dann och wäerte mat Zäite virgestallt ginn.

Wéi der eis elo an eiser leschter Comitésversammlung erkläert hutt, sinn zwee verschidde Konzepter vum Bureau d'études ausgeschafft ginn, déi der eis och un Hand vun de Pläng duergeluecht hutt. Leider hu mer zu eiser grousser Iwwerraschung an Enttäuschung misse feststellen, dass dat Konzept, dat am Endeffekt fir d'Réalisatioun zréckbehale gin as, an eisen Aen zu kengem Ament zu enger Verbesserung vun der Situatioun bäidréit an eis Kanner och an Zukunft dagdeeglech de Gefore vum Autosverkéier um Parking a ronderëm d'Schoul an d'Maison Relais ausgesat sin. Am Géigenzuch kenne mer och iwwerhaupt net novollzéien, firwat dat anert Konzept sang a klanglos refuséiert gin as. Mir sin nämlech der Meenung, dass dat Konzept extrem gutt iwwerluecht gin as an dass et, wann et esou réaliséiert gi wier, zu enger immenser Verbesserung vun deem Chaos, deen all Dag do herrscht, bäigedroen hätt.

Mer hoffen dass der verstitt, dass mer fir esou eng Decisioun natierlech iwwerhaupt kee Versteesdemech kennen opréngen, well et an eisen Aen net der Entwécklung vun deem ganze Site Rechnung dréit. Mat der Zentraliséierung vun de Précoce- a Spillschoulsklassen aus deenen zwou Gemengen um Site vun der Grondschoul kommen an Zukunft nach vill méi Kanner ewéi haut schonn do zesummen. Weiderhi wäert den Autos- a Bustrafic jo och nach zouhuelen, well déi zousätzlech Kanner musse jo och iergendwéi an d'Schoul kommen. Wa mer dann nach dovun ausgin, dass virun allem d'Précocekanner jo mat Sécherheet vun den Eltere wäerte musse gefouert an erëm ofgeholl ginn, kann een sech jo liicht ausmolen, dass d'Situatioun sech an Zukunft nach wäert drastesch verschäerfen.

E weidere Kritikpunkt ass deen, dass mir als Elterevereenegung zu kengem Moment an déi Planunge mat agezu goufen, mee dass mer elo einfach virun e Fait Accompli gesat ginn. Zu kengem Zäitpunkt si

mer eisen Avis heizou gefrot ginn, obscho mer d'Problematik jo awer kloer an däitlech ugeschwat haten an eis och versprach ginn ass dass do eppes wäert geschéie fir d'Situatioun ze verbessern. Dat selwecht gëllt och fir d'Elterevertrieder, déi a kenger vun hire Reuniounen mam Comité d'Ecole mat där Thematik konfrontéiert gi sin, an dementspreechend och net em hir Meenung gefrot gi sin. Erlaabt eis fir lech drop hinzeweisen, dass mer eis eppes anescht ënnert enger gudder Zesummenaarbécht am géigesäitege Respekt tëschent deenen eenzelen Acteuren an eiser Schoul virstellen.

No Récksprooch an zesumme mat den Elterevertrieder géife mer lech bieten, lech nach eemol mat der Problematik auserneen ze setzen an är Entscheidung nach eemol z'iwerdenken, respektiv eis d'Grënn matdeelen déi zu dëser Entscheidung gefouert hun. Mer si natierlech och gäre bereet, fir eis mat lech an eventuell deenen aneren Acteuren (Elterevertrieder, Comité d'Ecole a Maison Relais) un een Dësch ze sëtze fir eng besser Léisung ze fannen.

Mir wëllen eis asetzen fir d'Secherheet vun eise Kanner. Wann sech um Parking näischt grondleeëndes ännert as et nëmmen eng Fro vun der Zäit bis dass op deem Parking een Accident geschitt. Mieux vaut prévenir que guérir.

Mat beschte Gréiss,

Daniel Conrardy
President ELVERE

Copie :

- Häer Gilles Irthum, President vum Schoulcomité
- Madame Diana Gliebe, Chargé de Direction vun der Maison Relais
- Elterevertrieder